adr ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 2418

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 10:19, 19/06/2020

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Iwwert de Wee vun engem Reglement gouf en *tarif horaire* opgestallt, fir Leit aus sanitäre Beruffer (Dokteren, Infirmieren aides-soignanten asw.) ze remuneréieren, déi sech spontan bereet erkläert haten, iwwert e CDD beim Krisemanagement matzeschaffen. Et goufe scho Problemer an dësem Kontext, well déi betraffe Leit bis an de Mee eran nach ëmmer keng Remuneratioun kritt haten. Och elo, sollen et nees Problemer mat der Remuneratioun ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister an dem Här Minister fir sozial Sécherheet gär folgend Froe stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, datt et och elo nees Problemer gi bei der Remuneratioun vun deene betraffene Leit? Wa jo, kann d'Regierung erklären, wou de Problem hei läit?
2. Ass scho gekläert, wéi déi Leit steierlech behandelt ginn?
3. Wéi ass de Revenu aus deem CDD am Kader vum Krisemanagement an der COVID-19-Zäit ze verbuchen a kréien déi betraffe Beneficiairen eng entspriechend Ofrechnung?
4. Musse Leit mat esou engem CDD iwwert eng zweet Steierkaart fueren oder kréie si, opgrond vun den Ëmstänn, d'Verbuche vun der Remuneratioun an der COVID-19-Zäit vereinfacht?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**<u>Le caractère urgent de la question a été reconnu (19.06.2020)</u>**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 18:57, 19/06/2020

Luxembourg, le 19 juin 2020

**Réf.** : 832x88595

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 2418 du 19 juin 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire urgente n° 2418 du 19 juin 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la « Rémunération des professionnels de santé ayant travaillé dans les centres de soins avancés ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pr la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX
Premier Conseiller de Gouvernement

0001-20040525-FR

Villa Louvigny
Allée Marconi

Tél. (+352) 247-85505
Fax (+352) 46 79 63

Adresse postale:
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun de Ministere fir Gesondheet a fir sozial Sécherheet op déi dréngend Fro n°2418 vum honorabelen Deputéierte Jeff ENGELEN**

Generell muss den Ënnerscheed gemaach ginn, tëschent den Dokteren, déi iwwer Nomenklatursakten bezuelt ginn, d'Personal wat an den Spideeler schafft an iwwer eng "Enveloppe budgétaire globale" bezuelt gëtt, an d'Leit aus de Gesondheetsberuffer, déi a normalen Zäiten iwwer Nomenklatursakten, mee während der Kris iwwer zäitlech befristet Aarbechtsverträg (CDD) engagéiert goufen.

Am Kader vun der COVID-19-Kris, gouf de Gesondheetssekteur reorganiséiert fir eng adäquat Äntwert op déi sanitär Besoinen ze ginn. Am dësem Kontext goufen punktuell temporär Akten fir d'Dokteren iwwer groussherzoglechen Reglement agefouert. Dat betraffend Personal am Spidol, gouf natierlech weider iwwer d'Enveloppe budgétaire globale, déi d'CNS un d'Spideeler bezillt, en charge geholl fir d'sanitär Besoinen an de Spideeler ze adresséieren.

Déi betreffend Leit aus de Gesondheetsberuffer, kruten d'Méiglechkeet sech an der Réserve sanitaire anzeschreiwen, wou hir Disponibilitéit iwwer en CDD geregelt gouf.

1. **Kann d'Regierung bestätegen datt et och elo nees Problemer gi bei der Remuneratioun vun deene betraffene Leit ? Wa jo, kann d'Regierung erklären, wou de Problem hei läit?**

Wat déi Leit betrëfft, déi op Basis vun engem CDD agestallt goufen, sinn am Abrëll an am Mee ronn 1.500 Paien an dësem Kontext iwwerwise ginn. Et ass just an e puer eenzel Fäll wou d'Pai dee Moment nach net konnt iwwerwise gi well déi betraffen Dossieren net komplett waren. Déi ginn awer dëse Mount ausbezuelt.

Et bleift ze präziséieren, dass Elementer, wéi z.B. deen Deel vum 13. Mount oder Congéen, zäitno ausbezuelt wäerte ginn.

Betreffend d'Akten fir d'Dokteren (Forfaitsakt deen während der Kris agefouert gouf), goufen bis haut 28,6 Millioune Euroen fir déi 5 Lignes de garde vun der Gesondheetskeess (CNS) un 1.514 Dokteren, y compris iwwer d'Spideeler, iwwerwisen. An 234 Fäll, hunn technesch Infoen gefeelt déi hu missten nogefrot ginn. Dofir konnt d'CNS dës Iwwerweisungen nach net tätegen. D'Gesondheetskeess muss déi verschidden Dokumenter effective validéiert kréien fir kënnen déi Montanten, déi geschëlt sinn, ze iwwerweisen.

Betreffend d'Personal wat an de Spideeler agestallt ass, huet d'CNS déi Montanten, déi iwwer d'Enveloppe budgétaire globale ze bezuelen sinn, weider un d'Spideeler iwwerwisen déi dann d'Salairen ausbezuelen. Dëst ass och onofhängeg vun der "normaler" Aktivitéit, ewéi virdrun erkläert, esou dat déi Salairen integral konnten bezuelt ginn.

2. **Ass scho gekläert, wéi déi Leit steierlech behandelt ginn?**

Déi Leit, déi en CDD als Employé de l'Etat haten, gi besteiert wéi all aner Employé de l'Etat.

Wat d'Personal an de Spideeler an d'Dokteren, déi iwer Akten bezuelt ginn, ubelaangt, sou ginn déi zelwecht besteiert wéi soss och.

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85505
Fax (+352) 46 79 63
Adresse postale:
L-2935 Luxembourg
ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

137-000001-20040525-FR

3. **Wéi ass de Revenu aus deem CDD am Kader vum Krisemanagement an der COVID-19-Zäit ze verbuchen a kréien déi betraffe Beneficiairen eng entspriechend Ofrechnung?**

Déi Leit, déi en CDD als Employé de l'Etat haten, kréie pro Mount e Paiziedel a wäerten Ufank 2021 e "Certificat de rémunération" kréien, wéi all aner Employé de l'Etat.

4. **Musse Leit mat esou engem CDD iwwert eng zweet Steierkaart fueren oder kréie si, opgrond vun den Ëmstänn, d'Verbuche vun der Remuneratioun an der COVID-19-Zäit vereinfacht?**

Fir déi Leit, déi en CDD als Employé de l'Etat haten, krut de CGPO, wéi all aneren Employeur och, vun der Steierverwaltung eng éischt oder eng zweet Steierkaart, je no Situatioun vun de betraffene Leit.



Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél. (+352) 247-85505
Fax (+352) 46 79 63

Adresse postale:
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu